Interview avec le formateur Jean-Claude Juncker au sujet des négociations de coalition en vue de la formation d'un nouveau gouvernement (RTL Télé Lëtzebuerg, 17-07-2004)

RTL Télé Lëtzebuerg: D'Koalitiounsverhandlungen hunn haut erëm eng Kéier ronn 8 Stonne gedauert an niewt mer steet elo de Formateur. Gudden Owend, Här Juncker.

Jean-Claude Juncker: Gudden Owend.

Dir hutt ganz laang haut iwwert d'Asyl- a Flüchtlingspolitik geschwat an Dir schéngt lech nach ëmmer net eens ze sinn. Wou läit de Problem an deem Dossier?

Jean-Claude Juncker: Dat ass, wéi ech schonn eng Kéier erkläert hunn, eng vun de schwieregste Froen déi d'Lëtzebuerger Politik an d'europäesch Politik ze klären huet an do gëtt ee sech iwwer Basisprinzipie relativ séier eens, déi zwou Parteien déi hei matenee schwätzen, mä d'Meenunge ginn einfach auserneen iwwert eng Rei vu praktesche Modalitétien. Dat ass iwwregens net klack klack tëscht deenen zwou Parteien, mä och queesch duerch Delegatiounen heiansdo, a well dat och eng wichteg Fro ass, an ee se wierklech soll ausdiskutéieren, fir ënnerwee keng Iwwerraschungen z'erliewen, hunn ech dat nach eng Kéier ugesat fir den nächste Méindeg.

Op enger ganzer Rei aneren Dossiere sidd Dir lech awer schonns eens. Dir sidd lech eens ginn iwwert de Prinzip vun der duebeler Nationalitéit. Dir wëllt d'Adoptivgesetz méi einfach maachen, awer dir wëllt och d'Lex Greenpeace zeréckzéien. Firwat a wat kënnt an d'Plaz?

Jean-Claude Juncker: Déi sougenannte *Lex Greenpeace*, déi völleg zu Onrecht sou heescht, mä als solch ass se bekannt, ass ee Projet de loi vun der austriedender Regierung. Dee gëtt zréckgezunn. Parallel dozou gëtt d'Proposition de loi vum Alex Bodry zréckgezunn, well weder deen een Text vun der Regierung, nach deen Text vum Här Bodry hunn deenen zwou Delegatiounen eng total Satisfaktioun ginn, mä de Problem ëm deen et geet, dee muss an ee rechtsgefëlltene Raum bruecht ginn a mir probéieren dat iwwert aner Weeër ze maachen.

Sidd Dir lech dann do schonn eens ginn, wéi déi Weeër sollen ausgesinn?

Jean-Claude Juncker: Dat ka variabel Formen unhuelen. Instruktioune vum Justizminister an ähnlech Instrumenter sinn do denkbar.

D'Uni Lëtzebuerg war och een Thema an deene leschten Deeg. Wéi soll dann déi Uni Lëtzebuerg an Zukunft ausgesinn?

Jean-Claude Juncker: Mir hunn eis do an de graffen Zich gëeenegt drop, datt dat eng Universitéit mat enger méi reduzéierter Taille soll sinn, se awer gläichzäiteg e groussen internationalen Rayonnement soll hunn, ouni alles dat unzebidden, wat ze wënsche wier ugebueden ze ginn, mä ee konsequente Wee vun der Spezialiséierung geet.

Dir sidd lech eens ginn, fir d'Gesetz iwwert d'Parteiefinanzéierung dann endlech ze maachen. Dir sidd lech och eens ginn op engem grousse Volet, nämlech dee vun der Aarbecht. Wat sinn dann do déi grouss Neierungen, déi an Zukunft wäerten op eis duerkommen?

Jean-Claude Juncker: Am Beräich vun Aarbecht a Beschäftegung hu mer eis relativ séier gëeenegt, och am Aarbechtsgrupp, deen den Aarbechtsminister an den Här Lux animéiert hunn, an do geet et eis am Wiesentlechen drëm, datt een d'Aarbechtsrecht net a Fatze rappt – do ware mer ëmmer dogéint – mä datt een iwwerall do, wou et méi Flexibilitéit bréngt, och méi Sécuritéit fir déi Beschäftegt erbäiféiert. Aarbecht a Beschäftegung sinn drop ausgeriicht a) méi Leit an d'Aarbecht ze bréngen a b) déi Leit, déi a Beschäftegung sinn, net muttwëlles oder duerch ze séier Reaktioun op de Konjunkturzyklus an den Zoustand vun der Aarbechts-losegkeet ze befërderen. D'Erhale vun der Aarbecht an deementspriechend Aarbechtszäitmodeller, Aarbechtszäitkonten ass eent dovun. Dat ass de Stoff aus deem zukünfteg Aarbecht- a Beschäftegungspolitik gemaach gëtt.

Den Dossier vun der Sécurité sociale, sot Dir, dee wär och sou gutt wéi ofgeschloss. Wéi wëllt Dir dann do deen Defizit vum nächste Joer vu ronn 100 Milliounen Euro behiewen?

Jean-Claude Juncker: Jo, dat soen ech Iech elo net, well mer dat éischtens am Milimeter nach net wëssen, zweetens muss een do Prozedure respektéieren. Do sinn d'Generalversammlung vun der Krankekees, Quadripartitesréuniounen. Da muss een équilibréierte Budget virgeluecht ginn an dee Moment, wou sech erausstellt, datt een Defizit do ass an datt d'Organer vun de Krankekeesen et net fäerdeg bréngen, en équilibréierte Budget virzeleeën, eréischt dann ass d'Regierung um Zuch an da muss dat an evidenten, gutt strukturéierte Verhandlunge mat deenen anere Partner, nämlech mat de Sozialpartner, gefouert ginn an do kënnen d'Léisungen net an eng Richtung goen an d'Léisung kann net sinn, datt déi Leit, déi et scho méi schwéier hunn ewéi anerer, d'Haaptlaascht vun der Finanzéierung ze droen hunn. Do muss een also kucken, wat een am Beräich vu méi staarke Kontrolle ka maachen. Do muss ee kucke wéi een de Krankekeese weider Finanzmëttele kann zouféieren. Do muss ee kucken, wat am Beräich vun den Ausgabe vun de Krankekeese kann agespuert ginn. Do gëtt et also ee ganze Koup vu Weeër, déi een een nom anere muss goen.

Am Beräich vun der Sécurité sociale wëllt Dir awer och driwwer nodenken, wat d'Individualiséierung vun de Rechter ubelaangt. Kënnt Dir eis dann do e bësse méi verroden, wéi dat kéint ausgesinn?

Jean-Claude Juncker: Mir waarden do den Ofschlossbericht vun där Aarbechts-grupp of, déi agesat ginn ass, an déi sech et ganz schwéier mécht, an där Fro do zur Conclusioun ze kommen. Et ass nämlech eng Fro, déi sech sou flott formuléiere léisst als Revendicatioun, mä an der praktescher Ëmsetzung awer enorm vill Froen opwerft. Mir hunn eis drop gëeenegt, datt mer an déi Richtung vun enger méi staarker Individualiséierung ginn an datt mer dat och nëmmen dann an d'Regierungserklärung schreiwen, an dat hu mer décidéiert dranzeschreiwen, wa mer wierklech de Wëllen hunn och duerch dee ganz Pak vu Froen ze goen, déi sech do stellen. Do hu mer elo wierklech keng Detailléisungen ausgeschafft. De Sozialminister muss dat maachen.

Vläicht nach eng lescht Fro. Wéi kommen d'Gespréicher da virun, zumol wat déi Knackpunkter wéi zum Beispill d'Mammerent ubelaangt?

Jean-Claude Juncker: Gutt.

Da soen ech Iech merci fir dee ganze Koup un Informatiounen an domadder ginn ech zréck op de Kierchbierg.